Letzebuerg, den 11. September 1988

Leiw Elteren a Familjen vun onsen ongleckleche
Komerodinnen a Komeroden dénen mir haut gedenken,
dir Dammen an Dir Hären,
Wärt Frënn a Sympatisanten vun der edf,
Komerodinnen a Komeroden,

Iech all dé ~~dir iech~~ sech och dest Joer hei afond hut e wärmsten an défste Merci fir är Présenz.

Merci onsem Herrscherhaus, dat duerch hir Vertriedung, den Här Paul Reuter, chambellan, fré'eren Ambassadeur zu Moskau a selwer edf, sech mat ons solidaresch weist a fir eso d'Undenken an d'E'erong vun de letzebuerger Kriegs- an Naziaffer héch ze halen. Et ass jhust d'Generatioun vun onsem Grand Duc Jean dei, dei gréssten Zuehl vun desen Affer duerstellt. Mir erönneren haut net nëmmen un é verdingschtvolle Patriot, mä un all dei vill gudd Letzebuerger dei hirt Liewen op dei verschiddensten Arten, an déne verschiddenste Situatiounen, op déne verschiddenste Plazen an Asetz, fir d'Hémecht gin hun oder un déne Folgen ze fréh verstuewe sin. Des Journée Nationale vun den edf kann an dierf dofir nie aus dem Kalenner vun de jährlechen Erönnerungsfeieren verschwannen. Och wann emol d'Kriegsgeneratiounen net mé untriede kënnen, wär et e Verrod un dénen dei mat hirem Liewen eis Fräihét erem kaaft hun wann d'Vertriedong, an dei Responsabel vu Staat a Land des Gedenkcérémonien net weider fe'eren géwen.

Dofir frée mir ons och a si gee'ert, dass den Här Léon Bollendorf, 1te Bierger vum Land a Chamberpresident drop hält mat senger Présenz des héch Corporatioun hei zu vertrieden an domadde de Respekt an d'Unerkennung géngt iwer onse "Morts pour la Patrie" ausdréckt. D'Présenz vun der Chamber get duerch Délhuelen vun hire Vize-presidenten Ed Junker a René Hengel weider ennerstrach. Dofir e spézielle Merci.

Ganz besonnesch begrésse mir onse Staatsminister, den Här Jacques Santer a soen him merci dass hien drop gehalen huet un deser Commemoratiounsfeier délzehuelen. Dommader ennerstréicht hien, dass eng Regierung ugefo'ert vun engem President dén net zu de geafferter Generatioun gehe'ert, de Wärt vum Affer fir d'Hemecht schätzt an héch wellt haalen. Konkrét huet hien an de vergaangene Joeren zu Lésongen vu Problemer am Zesummenhang mat der Zwangsrekrute'erong beigedroen.

Besonnech elo kuerz, huet hien persénlech eng Préambule zu der Stöfftong iwert d'Verwärtong vun dénen 12 Millione Mark aus Déitschland ennerschriwwen. Domadde konnt wéneschtens op nationalem Plang e weiddert Dokument geschafe gin wat de völkerechtswiddregen Karakter vun der Zwangsrekrute'erong ennermauert.

An dest ganz am Gegendeel zu der Bundesrepublik Déitschland, déi trotz allen mendlechen Aussoen, sech weigert d'Verschleefung vun der letzebuerger Jugend an d'preisesch Arméen als e Kriegs- an Naziverbriechen unzeerkennen.

Ons Gefaalen an ze fré'h Verstuerwen gin nach zosätzlech gee'ert durch d'Présenz vun de Ministeren Jean Spautz,...
an dei dofir dem Dank vun den Hannerbliewenen an Iwerliewenden geséchert sin.

De selwechte Merci géet och un all dei Hären a Komeroden Deputeiert, dei sech Zeit huelen fir un deser nationaler Commemoratiounsfeier deelzehuelen. Domadde wiese sie d'Wertschätzung dei sie de Geafferten vun der Natioun zokomme lossen.

Merci onse geeschtleche Frënn, dei a Vertriedong vum Här Erzbeschof Hengen, den dest Joer net hei ka sin, bei dénen 3 Commémoratiounscérémonien an treffende Wierder a Gebieder den Härgott bieden all onse leiwe Verstuerwenen den ewege Fridden ze gin. De selwechte Merci gelt och dem Dokter Emmanuel Bulz, Gro'ss Rabiner zu Letzebuerg dén emmer erem mat ons bei dese Feiere un all dei errönnert dei ennert dem selwechten Terror zu Grond gericht gowen.

Merci och de staatlechen a gemengen Autoritéiten, hire Vertieder dei duerch hir Präsenz net nemmen hir Sympathie de verstuerwenen an liewenden edf ausdrécken mä awer och behölleflech sin fir dass des Journée op alle Pläng wierdeg a schén kann oflaafen.

E wärmste Merci awer och all onse Frënn aus der Residenz an hire Vertrieder dei haut hei bei ons sin. Vill vun hire Beschte sin net mei ennert ons. Muncher engem seng Gesondheet elabt him net mei heihin ze kommen. Och hinnen sollen haut eis Gedanke göllen. Zesumme wölle mir weisen, a speziell de jëngere Generatiounen, dass dei Solidariteit dei a schwe'erster Zeit gebuere gow, haut weidder besteet. D'Freiheet an staatlech Onofhänglechkeet, de' esouvill haut als selbstverständlech betruechten, konnt awer nemmen erem gewonn gin, well genuch Letzebuerger dowaren fir dem Ennerdrécker Stier ze bidden, Jongen a Médercher vun démols ennert dem Asatz vun hirem Liewen dem d'Preis ze entreissen, an d'Hémechtsléft zum letzebuerger Land iwert d'Grenzen and d'Mieren ewech bekanntgemat hun.

Zum Schluss vun de Merci'en awer och all dénen Merci, dei hathöllefen des wierdeg Ceremonien ze realiséieren: Der Garnisounsmusek ennert der Léedong vum edf Josy Comes; dem Clairon d'honneur Johny Schmitt, dén nie ka refuséeren wann et héscht d'Undenken vun allen Kriegs- an Naziaffer opliewen ze lossen; der Chorale vun den edf, der Polizei an der Press, all onse Sympatisanten an iech lew Komerodinnen a Komeroden.

Gewöss fehlen der vill, dei haut och missten hei sinn. Net wéns eis, den Iwerliewenden ~~missten se hei sinn~~, mä fir dei, déne mir haut gedenken. Wéns dénen dei net mei hei könne sin, mat déne och sie gestridden a gelidden hun, froh, glécklech a batter Stonnen zesummen erliewt hun. Wo sie fleit eng Ké'er gesot a geschriwwen hun, sie géwe se nie vergiessen awer haut licht eng Entschöllegong fannen fir net brauchen hei ze sinn.

Fléit gin och haut schon aner Ursachen ugefo'ert fir d'Undenken an aller E'erlechkeet an oprichteg un d'Affer aus dem leschte Krich nat waach zu halen. Wirtschaftlech, zweschestaatlech an europäesch Iwerle'ungen gin an d'Feld gefo'ert. D'accord, d'Welt bleift net stoen an et kann net emmer nemmen an d'Vergangenhet gekuckt gin. Zesummenarbecht an de Bléck an d'Zukunft sind absolut nodwendeg. Awer hun mir e Recht ze vergiessen? Dei ze vergiessen, dei mat hierem Blut an hierer Gesondheet iwerhaapt erescht et méglech gemat hun, dass erem an eng glécklech an zefriddestellend Zukunft gekuckt ka gin. ~~Waren ons geaffert~~ Dierf net mei doerunner erönnert gin? Patrioten, Waren ons geaffert / Resistenzler, Malgré-nous a Combattanten net mei wärt? Well haut wirtschaftlech Verbindungen an Interessen, sonder Zweifel eist Liewen, Staat a Land beaflossen, soll dofir net mei un dat erönnert gin wat émol ons Hémecht bal ausbludde geloos huet? Muss haut aus wat fir Grénn och emmer, d'Affer den Henker em Verzeihung bieden? An dierf haut d'Worecht net mei hart a richteraus gesot gin?

Eben grad dofir sin dei all an den Dod gangen, déne mir haut gedenken. Wénst der Worecht! A wa mir haut schon erem d'Worecht net mei dierfe soen, dann dir Dammen an Hären, war hiren Affer emsoss.

Awer dass dat net eso ass, an och net dierf kommen, dofir sti mir hei. Dass d'Worecht iwert hiren Affer erhaale bleiwt; dass hirt Undenken weidder liewt; dass sie hirt Liewen fir d'Hemecht gin hun, an dass Letzebuerg als freien onofhängege Staat an enger freier Völkergemeinschaft ka weider ble'en, dofir wëllen och mir ons asetzen. Dass dei net vergiess gin, déne mir an ons Nokommen alles ze verdanken hun, dat ass de Sënn an Zweck vun der Journée Commémorative vun den edf.